ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 28. Januar 2019

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Bannescht Sécherheet an den Här Schoulminister weiderzeleeden.

Et héiert ee vu ville Membere vum Léierpersonal, datt et a Primärschoule an a anere Schoulen leider ëmmer nees zu Gewaltdote kënnt, déi vu Schüler ausginn a sech géint aner Schüler an och géint d'Léierpersonal riichten.

1. Huet den Här Minister aktuell Donnéeën iwwert d'Gewalt an de Schoulen ? Wéi entwéckelt sech d'Situatioun a sengen An a wéi gräifen déi Moossnamen, déi fir sougenannte "verhalensopfälleg" Kanner ageféiert goufen ?
2. Wéi eng Méiglechkeeten huet d'Léierpersonal, fir an engem akute Fall vu Gewalt ze reagéieren ? Huet d'Léierpersonal dat Recht, fir op eegen Initiativ d'Police ze ruffen, wann eng Geforesituatioun festgestallt gëtt?
3. Kann d'Léierpersonal dovun ausgoen, datt d'Police agräift an direkt kënnt, wa si bei engem Gewaltausbroch vun engem Schüler, bei deem Kanner an/oder Membere vum Léierpersonal a Gefor si , geruff gëtt? Gëtt et do Instruktiounen, zum Beispill vergläichbar mat enger Situatioun vu Gewalt doheem?
4. Gëtt et eng Verflichtung fir d'Léierpersonal oder eng Recommandatioun un d'Léierpersonal fir bei engem Fall vun heftegen an deels reegelméissege Gewaltausbréch vu bestëmmte Kanner, fir d'Elteren oder aner erzéiungsberechtegt Persounen, sozial- oder psychologesch Déngschter, oder d'Police direkt ze informéieren? Wa jo, a wéi enger Reiefolleg an ënner wéi enge Konditiounen?
5. Wéi eng Konsequenzen hätt et fir d'Léierpersonal, wann engem Kand oder engem Enseignant bei engem Gewaltausbroch vun engem Kand dat dacks oder reegelméisseg aggressiv ass, e kierperlecht Leed geschéie géif, am Fall wou dat opfällegt Verhalen net scho virdrun den Elteren, de Sozialdéngschter oder der Police gemellt gi wär?
6. Wat geschitt am Fall an deem e Kand, dat am Interessi vun der Sécherheet vun anere Kanner oder Persoune vum Léierpersonal, huet misse kuerzfristeg physesch immobiliséiert ginn, dobäi Verletzunge wéi zum Beispill blo Plaze kritt ? Wéi ass d'Verantwortung an esou engem Fall gereegelt?

7. Kann d'Léierpersonal sech der Ënnerstëtzung vun dem Ministère an den Direktioune sécher sinn, wann ee vun hinnen am Fall vun hefteger Gewalt vun engem Schüler muss d'Police ruffen? Gesäit de Ministère d'Prioritéit ëmmer am Schutz vu potentiellen Affer virun engem Kand dat aggressiv gëtt ?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
Deputéierten